Huel un engem weideren vun eisen traditionnellen Naturwëssenschaftsnomëtteger deel:

29. Mäerz 2018
vun 13:45 h (Accueil) bis 16.45 h

17. Abrëll 2018
vun 13:15 h (Accueil) bis 16.15 h

Weider Informatiounen

an dësem Flyer
http://science.ljbm.lu
/scienceforkidsLJBM/
science@ljbm.lu

Umeldung

Wéinst deem grousse Succès, dee mir déi lescht Joren haten, gi mir deene Kanner Prioritéit, déi eis Schoul wëlle kenne léieren, fir duerno vläicht op 7e bei eis an de Lycée ze kommen.

Detailer dozou fënns du op eisem Internetsite.

Wann s du wëlls derbäi sinn, **mell dech** w.e.g. iwwert eisen Internetsite **un**:

http://science.ljbm.lu/inscription

Science for Kids ass e Projet vum Lycée Josy Barthel Mamer

mat der Ënnerstëtzung vum Fonds National de la Recherche Luxembourg

2018

LJBM Science for Kids

Du bass am Cycle 4 vun der Grondschoul a wiels geschwënn, a wéi e Lycée dass du geess.

«Science for Kids», eise Science-Nomëtteg bitt dir d'Geleeënheet de Lycée Josy Barthel zu Mamer, seng Proffen a seng Schüler kennen ze léieren.

Zesumme wäerte mir an eise Science-Fächer

Physik | **Chimie** | **Biologie**

an enger sympathescher Atmosphär experimentéieren, an dobäi vill Spannendes entdecken an erliewen.

Fir déi interesséiert Eltere bitt eisen Direkter, den Här Claude Christnach, eng Visite guidée vun der Schoul un (ronn 1 Stonn, am Ufank vum Mëtteg).

Physik

Dem Archimedes op der Spuer

Schwammen oder ënnergoen? – dat ass hei d'Fro.

Mir sichen Äntwerten dorop, a begéinen dobäi

- Loftballonen;
- Fësch;
- Schëffer an U-Booter;
- an eise sympathesche Fläschen-Tëntefësch.

D'Geheimnis vun den Elementer …

… a villen anere Stoffer ënnersiche mir:

- Gold glënnert net just;
- e Bläistëft kann net nëmme schreiwen;
- mat Eisewoll kann een net just botzen;
- Alkohol ass net just fir ze drénken;
- a villes aneres …

Chimie



Biologie

Beim Klammen, Lafen, Sëtzen …

… se ass ëmmer am Asatz!

Egal wat mer am Alldag maachen, eis Ootmung ass ëmmer do.

Mir ënnersichen eis eegen Ootmung, a kucke wéi se a verschidde Situatiounen ännert a wéi se ofleeft.

Mir moosse wéi vill Loft an eis Longen passt an bastelen zesummen dozou e klengt Trainingsgerät.